# „Lëtzebuerg brauch eng Gesetzeslag fir Whistleblowers.“

De Sonden den Owend, huet dee Mann, dee geheim Dokumenter bezüglech dem US Geheimdéngscht geleakt huet - welch staark un d'Buch “1984” vum Georges Orwell erënneren - sech ze erkenne ginn. Dokumenter hunn iwwert déi lescht Deeg vir staarken Opwand an der Diskussioun vu genereller Biergeriwwerwaachung an Demokratië gesuergt.

Dëst, wëll et an deenen Dokumenter ëm een elektronescht Iwwerwaachungsprogramm („PRISM“) am Kader vum Kampf géint den „Terrorismus“ geet, deen et den Autoritéiten erméiglecht grouss Quantitéite vun Informatiounen ofzefänken an ze analyséieren, ouni mussen een konkrete Verdacht géigeniwwer enger Persoun virzeleeën.

De **C**haos **C**omputer **C**lub **L**ëtzebuerg fuerdert dowéinst d'Politik ob, sech sou séier wéi méiglech mam **Schreiwen vun engem Gesetz** ze beschäftegen, wat Whistleblowers ob alle Fall zu Lëtzebuerg richteg an Schutz hëlt.

Ausserdeem fuerdert den C3L, dass dem Edward Snowden zu Lëtzebuerg **politeschen Asyl** gewäert gëtt.

*„Lëtzebuerg brauch eng Gesetzeslag fir Whistleblowers. Ouni déi wäert et nëmme schwéier sinn och Fäll bei eis am Land opzedecken. Opgrond vun sou Initiativen déi mär an eisen Fuerderungen stellen, ënnerstëtzt een weider sou couragéiert Aktiounen an verhënnert dass nach aner Persoune mussen hannert den héichen US Prisong's Maueren an den onmënschlechen Konditiounen verschwannen, sou wéi dem* ***Bradley Manning****.*“ erklärt den Jan GUTH.

*„United we stand, divided we fall.“*
– vum Aesop

---

**(Presse)kontakt:**
E-Mail: info@c3l.lu / press@c3l.lu
Tel.: +352–691–71–77–44
Websäit: https://c3l.lu

*2013/06/10*